

## SH préparéiert deng Zukunft mat Dir:



SH Sektioon préparéiert dech op Beruffer mat Zukunft, deng Enseignantén coachen dech fir däi Choix professionnell ze maachen an dann eng gutt Universitéit oder Héichschoul ze fannen, déi deng Erwaardungen gerecht gëtt.

### Firwat als Schoul den LTPS wíelen?

Mir sinn ee jonken, innovativen Lycée, deen awer op eng laang Traditioun vu Formatiounen am Gesondheetswiesen zréckbléckt, an mir bilden ons permanent weider an all onsen Domainer.

Mir sinn awer och eng Schoul, déi grouse Wäert op Respekt a Mënschlechkeet am gemeinsamen Ëmgang leet an dat och ganz staark bei onse Schüler promovéiert.

Ënnerstëtzung an den techneschen a wëssenschaftlechen Enseignement, methodologesch Hëllef fir ze Léieren, een noe Kontakt mat der Aarbechtswelt, Sportlechkeet a Fitness, Engagement an humanitär Aufgaben a flott pädagogesch Reesen sinn ganz agëbbonnen an d'Ausbildungen am LTPS.

D' Léieren vun den Sciencen mécht sech duerch modern pedagogesch Approchen an duerch den Gebrauch vun informateschen Outilen (iPad)“.



**Lycée Technique pour Professions de Santé**

#### Siège:

27, rue Barblé, L-1210 Luxembourg

Tél: 4411-3746 - secrétariat de direction

Tél: 4411-6536 - secrétariat élèves & inscriptions

Tél: 4411-3736 - secrétariat du personnel

email: [secretariat.siege@ltps.lu](mailto:secretariat.siege@ltps.lu)



**Sektioon  
„Sciences de la Santé“  
„Gesondheets-  
Wëssenschaften“  
(SH)**

## Gesondheitsberuffer, Beruffer fir Zukunft

Gesondheitsberuffer, déi onsem Gesondheetssystem erméiglechen ze fonctionnéieren, sief et an der Fleeg vum Mënsch, oder an den technesch-medezinesche Beräicher, beinhalten ëmmer eng grouss a praktesch orientéiert wëssenschaftlech Komponent.



An op der anerer Säit an de méi technesch-medezineschen Beräicher fannen sech Beruffer zréck, wéi den technesch-medezineschen Assistent an der Radiologie (Röntgen), den Laborant (Analysen), den Informatiker an der Gesondheet (Computerspezialist), den Ingenieur biomédical (Technesch Gesondheetsservicer), den Techniker an den Biotechnologien (Recherche an der Biologie humaine), Techniker fir Medezinesch Hëllef, wéi Prothesen, etc.

## Sektioun SH – aktuell a passionant Thematiken




SH ass eng medezinesch-wëssenschaftlech, awer och praktesch technesch orientéiert Sektioun, déi probéiert an interessanten Programmer lech Schüler dat Basiswëssen op eng aktiv Aart a Weis ze vermëttelen an lech fit ze maachen, fir duerno äre Wonsch-Beruff ze léieren.

Duerch kreativ an interdisziplinär Projetsaarbechten, probéieren mer lech zolidd Kenntniss a verschidden praktesch Kompetenzen ze vermëttelen, déi sënnvoll sinn hisiichtlech der passionanter Welt vun der Gesondheet an hire Beruffer.

Interessant Optiounen pro Semester sollen lech hëllef Schwächen opzeschaffen oder Talenter auszubauen, dobäi probéieren mer ëmmer ee ganzheetleche Bléck op déi verschidden Matière ze werfen an Zesammenhäng opzeweisen.

## Konzept SH Sciences de la Santé:



## We want you

Wann s du een oppene Geescht hues, virwëtzeg bass, mat konstruktiver Kritik kanns ëmgoen, an dech fir déi ugeschwatene Domainer begeeshters, da kann der déi nei SH-Sektioun ganz vill Méiglechkeeten bidden.

Iwwert de Wee vum „Coaching“, begleeden dech deng Enseignant fir däi perséinlechen Projet ze realiséieren.

Fir op Sektioun vun der SH opgeholl ze ginn, muss du eng gepackten 3<sup>eme</sup> Klass vun der Sektioun Ingénierie (Déi al: Technique générale), Sciences naturelles oder Professions de santé et sociales oder eng 3<sup>eme</sup> Klass aus dem Enseignement secondaire classique hunn.

## Sproochen am LTPS:

Vill Couren wäerten op Däitsch sinn, awer d'Englesch spillt och eng wichteg Roll an de wëssenschaftlech orientéierte Beruffer, an wäert als Sprooch obligatoresch enseignéiert ginn, da kanns du nach tëschent Däitsch a Franséisch als Sprooch wíelen.

